*Séance Publique N° 18 du 6 mars 2012*

**6364 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert**

Här President, léif Kolleegen, Madame Minister, ech wäert elo dem Jean-Paul Schaaf seng Ried hei virdroen. Hien hätt dat gäre selwer gemaach, mä ass leider krankheetshalber verhënnert.

De Rapporteur huet eis déi kleng Gesetzesännerung, déi mir haut stëmmen, genee erkläert. Dem Här Diederich sief fir seng Aarbecht als Rapporteur vun hei aus Merci gesot!

Et ass eng kleng Textännerung vum Gesetz vun 2004. Et ass awer eng mat grousser Wierkung fir déi jonk Studente vun haut, déi zu Réiden am Lycée sinn, fir d'Enseignanten, déi elo och am Secondaire kënnen déi iewescht Klassen encadréieren, fir d'Direktioun, déi heimadder déi lescht Etapp vun engem vollwäertege Lycée kann ëmsetzen, an zu gudder Lescht fir d'Regioun am Westen, déi nach eemol eng Stäerkung vun hirem Atert-Lycée, dëser identitéitsstëftender Institutioun, erlieft.

Den Atert-Lycée, wéi de Lycée offiziell laut Règlement grand-ducal vun 2006 heescht an och am Volleksmond genannt gëtt, ass eng Success Story fir eng ganz Regioun. Wéi de Lycée am September 2008 opgaangen ass, stoung eng ganz Regioun derhannert a war frou, endlech op der schoulpolitescher Landkaart Fouss gefaasst ze hunn.

Haut kann ee festhalen, dass ronn 1.000 Schüler zu Réiden ageschoult sinn, bei enger Capacitéit vun 1.200, 60% Schüler am Secondaire technique a 40% am Secondaire classique sinn, ronn véier Fënneftel vun de Jugendlechen aus der Regioun an den Atert-Lycée ginn, also ee ganz héije Prozentsaz, an dass de Lycée an enger Rei vu Punkten eng virbildlech Aarbecht mécht, op déi haut gekuckt gëtt an un där sech roueg kann inspiréiert ginn. Dozou zielen Coaching, Tutorat, Follow-up Activities, Wocheplang fir Hausaufgaben, fächeriwwergräifend Schaffen, Teamaarbecht vun de Proffen an intensiv Elterenaarbecht.

Den Atert-Lycée verfügt iwwer eng Topinfrastruktur mat Internat. Mat 130 Enseignanten niewent 40 weidere Mataarbechter, notamment am Internat, ass de Lycée och en Employeur, deen der Gemeng Réiden an der Regioun vill bréngt.

Wann een den Exposé des motifs liest, da fält op, dass d'Zuel vun den nei ageschriwwene Schüler vu jeeweils ronn 100 an den zwee éischte Joren op 62 am Schouljoer 2011/2012 erofgaangen ass. Dozou muss ee soen, dass sech d'Aschreiwunge grondsätzlech op eng Rei vu Gemenge limitéieren, dass een dem Drock vu Schüler aus de Gemengen Habscht a Stengefort bis elo, aus Rücksicht op de Mamer Lycée, kaum nokomm ass, a virun allem dass mir aktuell an engem gebuertsschwaache Joergank an der Regioun sinn. Et ass also en normale Phenomeen a keen Indice derfir, dass Schüler dëse Lycée meide géifen.

Et stellt sech och generell eraus, dass eng Rei Elteren zécken, hir Kanner do anzeschreiwen, wou se net bis zum Ofschloss bleiwe kënnen. Dëst Gesetz vun haut hëlt dofir och deenen Elteren hir Suerg ewech. Dëse Projet de loi erlaabt also dem Atert-Lycée, och déi iewescht Klasse vum Secondaire classique niewent deene vum Technique unzebidden. Viraussiichtlech kënnen dann ab September Klassen an de Sektioune B, C an D, G ugebuede ginn. Et wäert

kaum goen, fir all Sektiounen unzebidden, ganz einfach well d'Masse critique net do ass, fir all Sparte kënnen ze offréieren.

Mir bleift ze ënnersträichen, dass den Direkter Claude Boever mat senger ganzer Équipe vun Enseignanten eng exzellent Opbauaarbecht vum Atert-Lycée gemaach huet. Dass d'Enseignanten hei anescht schaffe mussen a sech wierklech engagéieren, och dacks méi schaffen, dat ass en offent Geheimnis. Si maachen e gudde Match a kréie vun den Elteren eng gutt Zensur - oder si erreechen de Kompetenzsockel vum gudde Proff. D'CSV-Fraktioun dréckt hinnen eise grousse Respekt aus fir hir wäertvoll Aarbecht.

Et bleift zum Schluss ze soen, dass datselwecht Gefill, dat eng ganz Regioun am Westen hannert den Atert-Lycée gestallt huet, gradesou am Norde spierbar ass, wann et ëm de Clierfer Lycée geet. Och do wäert dëse Lycée d'Regioun stäerken, an eis Regierung ass ze félicitéieren, dass dëse Projet konkret an der Planung ass an éischt Pläng schonns konnte virgestallt ginn.

Ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun a wënschen dem Atert-Lycée eng gutt Zukunft.